N°1199
Entrée le 10.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Gemeinsam Äntwert vum Aarbechtsminister, Georges MISCHO, a vum Finanzminister, Gilles ROTH, op d'parlamentaresch Fro n°1199 vum 16. September 2024 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement iwwer de Statut vum « travailleur handicapé »**

**Fro N°1 : Wéi vill Persounen hu säit der Aféierung vum Gesetz de Statut vum Travailleur handicapé kritt?**

Säit dem Akraafttriede vum Gesetz vum 12. September 2003 iwwert Persoune mat enger Behënnerung gouf de Statut vum Salarié handicapé 10.224 mol verginn.

**Fro N°2 : Gëtt et eng Prozedur fir de Statut vum Travailleur handicapé nodréiglech unzeerkennen, wann eng Persoun schonn zënter Jore mat engem Handicap schafft?**

D'Demande fir de Statut vum Salarié handicapé ze kréien, kann am Prinzip zu all Moment gemaach ginn - sous réserve, dass d'Conditions d'éligibilté erfëllt sinn. D'Gesetz gesäit keng Méiglechkeet vir, fir de Statut réckwierkend ze ginn.

**Fro N°3 : Firwat stellt d'ADEM keng Certificaten aus fir de Statut vum Travailleur handicapé nodréiglech ze bestätegen, obwuel d'Persoun schonn zënter Joren an dësem Kader schafft?**

Et ass d'Commission médicale, déi iwwert den Octroi vum Statut vum Salarié handicapé statuéiert.

De Statut vum Salarié handicapé baséiert op enger aktueller, ganzheetlecher a medezinescher Evaluatioun vun der Persoun hirer Situatioun. D'Prozedur vun der Reconnaissance gëtt mat der Demande vun der betraffener Persoun declenchéiert. Dës Bewäertung ass eng Foto vun engem bestëmmte Moment. Dës Evaluatioun op eng vergaangen Zäit unzewenden, gëtt der reeller Situatioun net onbedéngt gerecht, well den Zoustand vun der Persoun sech ka geännert hunn.

Des Weideren, gesäit d'Gesetz keng Méiglechkeet vir, fir de Statut vum Salarié handicapé réckwierkend ze ginn.

**Froen N°4, 5 & 6 : De Statut vun Travailleur handicapé betrëfft net nëmmen d'Aarbechtswelt. Persounen, déi offiziell de Statut vum Travailleur handicapé hunn, kënne bei der Steiererklärung vu Steiererliichterunge profitéieren. Dofir mussen si mat engem offiziellen Dokument hire Status bestätegen. Ass dem Finanzminister de Problem bekannt, dass eng Rei concernéiert Persounen net vun de virgesinne Steiererliichterunge kënne profitéieren, well si keen offiziellt Dokument hunn, dat hire Statut bestätegt?**

**Wéi kënnen d'Betraffener hiren Handicap bei der Steiererklärung beweisen, wann si keen offiziellt Dokument hunn, dat hire Statut bestätegt?**

**Wéi eng Méiglechkeete ginn et fir Persounen, déi schonn zënter laangem als Travailleur handicapé schaffen, awer keen offizielle Statut hunn, fir vun de virgesinne Steiererliichterungen ze profitéieren?**

D'Akommessteiergesetz gesäit de Begrëff a Statut vum « Travailleur handicapé » net vir, mee schwätzt vu Persounen, déi sech an engem Zoustand vun Invaliditéit oder Infirmitéit befannen. Déi betraffe steierflichteg Persoune kënnen, op Basis vum modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 7. Mäerz 1969, vun zousätzleche steierlechen Erliichterunge profitéieren. Sou gëtt z.B. e majoréierte Plafond vun de Werbungskäschten an e forfaitaire Fräibetrag fir aussergewéinlech Onkäschten, deen, ofhängeg vum Grad an der Natur vun der Invaliditéit oder Infirmitéit, festgesat gëtt, accordéiert.

D'Steierverwaltung iwwerhëlt an deem Sënn och de Grad an d'Natur vun der Invaliditéit oder Infirmitéit, déi vun der Commission médicale vun der ADEM festgesat gi sinn. Doriwwer eraus akzeptéiert d'Steierverwaltung och Attester vun Doktere mat den néidegen Informatiounen.

D'Steiererliichterunge kënnen  am Kader vun engem Lounsteierjoresausgläich (*décompte annuel*) oder enger Akommessteiererklärung ugefrot, respektiv accordéiert ginn. Retroaktiv Adaptatioune sinn nëmmen innerhalb vum legale Reklamatiounsdelai méiglech.

**Fro N°7 : Plangt d'Regierung Moossnamen, fir dës administrativ Schwieregkeeten ze behiewen an de Betraffenen d'Méiglechkeet ze ginn, vun hire Rechter ze profitéieren?**

Wéi am Koalitiounsaccord virgesinn, setzt d'Regierung e grousse Fokus op d'Simplification administrative. De Prinzip vum „*Once only*" wäert zukünfteg an dësem Beräich hëllefen, fir déi administrativ Demarchen ze vereinfachen.

Aus deene Grënn sinn aktuell keng supplementär Moossnamen an deem spezifesche Kontext virgesinn.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Aarbechtsminister**